

Radiokommunikatiounen spillen. Och hei wor de Rapportier esou komplett, dass eng weider Stellungnam sech eriwweert.

Ech bréngen den Accord vun der DP-Fraktioun.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Nicolas Strotz.

**M. Nicolas Strotz (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Här Kollwelter huet eis den Zesammenhang vun deem Ganzen esou gutt erkläert, datt et keen Zweck huet, weider drop anzegoen.

Ech bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Projet.

**M. le Président.** - Här Fernand Greisen, Dir hut d'Wuert.

**M. Fernand Greisen (ADR).** - Här President. Ech bréngen den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**M. le Président.** - Den Här Robert Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President. Den Ausféierunge vum Här Kollwelter as näischt bäizefügen.

Ech wëll awer rappeléieren, dass ech d'lescht Woch scho gewësse Reserven ubruecht hun zu internationale Konventiounen am Kontext mat enger weltwäiter Konventioun. Déi wëll ech nach eng Kéier hei widderhuelen, mä mir markéieren trotzdeem onsen Accord zu dësem Projet de loi.

**M. le Président.** - Als Verrieder vun der Regierung huet d'Mme Minister Mady Delvaux-Stehres d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre des Communications.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech soë merci fir de Konsens am Parlament.

Ech mengen, dass et eng wichteg Konventioun as. A wann ech se vergläiche mat der Konventioun vun der leschter Woch, déi mondial as, as déi hei fir eis méi immediat wichteg, well et d'direkt Frequenzen an Europa ugeet. Dofir as eis Mataarbecht hei sécher nach méi wichteg fir dee ganze Secteur.

Ech hoffen, dass d'Chamber unanime där Konventioun zoustëmmt.

**M. le Président.** - D'Diskussioun vum Projet de loi as ofgeschloss. Mir maachen d'LECTURE vum Article unique a stëmmen duerno iwwer de Projet de loi of. Den Text vum Gesetzprojet steet am Document parlementaire 4111 op der Säit 2.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Norbert Konter)*

Den Article unique as gelies an ugehall.

Mir stëmmen of iwwer de gesamte Projet de loi 4111.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi 4111 sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi as eestëmmege ugehall mat 60 Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. François Biltgen (par Mme Nancy Arendt), Willy Bourg, Lucien Clement, Nicolas Estgen, Luc Frieden (par M. Marcel Glesener), Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Edouard Juncker, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny*

*Nicklaus-Faber, M. Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn, Mars di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. René Kollwelter), MM. Mathias Greisch (par M. Jean Regenwetter), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter, Jeannot Krecké (par M. Roger Klein), Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer (par M. Jean Schiltz), Jean Schiltz, Camille Weiler (par M. Claude Halsdorf) et Marc Zanussi (par M. Jean-Pierre Klein);*

*MM. Eugène Berger (par M. Niki Bettendorf), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Agny Durdu), Carlo Meintz (par Mme Anne Brasseur), Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

As d'Chamber d'accord, d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

(Assentiment)

Et as esou décidéiert. X

Als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer d'Proposition de loi vun der Mme Renée Wagener. D'Mme Wagener huet d'Wuert, fir hir Proposition de loi virstellen.

## 8. Proposition de loi 4162 de Mme Renée Wagener sur la réforme du mariage

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëlt fir d'éischt e puer Wuert zum Objet vu ménger Proposition soen.

Am Fréijor vun dësem Jor huet d'Mme Lydie Err op dëser Plaz och eng Proposition de loi deposéiert, déi sech op de Contrat d'union civile bezun huet.

Mir hun deemools gesot, datt mir déi Proposition géife begrëssenswäert fannen, well si en éischte Schrëtt an d'Richtung as, fir Diskriminatiounen, déi fir onbestuete Koppele géinteniwwer bestuete bestin, ofzeschaffen. Mä mir hun och festgestallt, datt se ee gravéierende Mangel hätt, datt se nämlech keng Ouverture vum Mariage géif maache fir déi Leit, déi bis elo dovun ausgeschloss sin, à savoir déi homosexuell Koppelen.

D'Gesetzesproposition vun der Mme Err wor natierlech méi breet ugeluegt. Si huet nët nëmmen dës Bevölkerungsgrupp betraff. Op där anerer Säit as si awer nët esou wäit gaangen, fir an där Gesetzesproposition verschidde Rechter wéi zum Beispill Adoptiounsrechter, Ierfschaftsrechter oder souguer Steuerrechter an dëse Contrat d'union civile anzeschreiwen, wéi dat notament vun der homosexuelle Bewegung gefuerdert gët. Et as also nëmmen een Deel vun der Léisung gewiescht. Ech hat deemools scho versprach, datt déi Gréng sech géingen drëms këmmen, fir deen aneren Deel vun der Léisung nozeliwweren. Dat as mat där Proposition de loi geschitt, déi ech

den 9. Mee 1996 deposéiert hun, déi also an deem Sënn ee Complément as.

Déi Gréng sin der Meinung, wie wëllt zesumme liewen, muss dat kënne maachen a wie mengt e misst sech bestueden, muss dat och kënne maachen, egal wéi s'eng sexuell Identitéit as. An deem Sënn schwätze mir Gréng eis ganz klor fir eng Öffnung vum traditionelle Mariage fir homosexuell Leit aus, eng Kéier aus prinzipielle Grënn wéinst der Fräiheet vum Choix - mir mengen, datt homosexuell Leit déi selwecht Rechte a Choix sollen hun wéi heterosexuell Leit an d'fir och sollten den Zougank zur Institutioun vum Mariage hun, - zum zweeten awer och aus ganz pragmatische Grënn.

An an deem Sënn as dat hei och guer keng utopesch Fuerderung, wéi verschidde Leit an der Press dat wëllen duerstellen. Et as, eiser Meinung no, vläicht manner utopesch, de Mariage wëllen ze reforméieren wéi den Ofbau vun dene Privilegien duerchzesetzen, déi sech aus dem Mariage am Moment ergin, nämlech wat d'Steiere betrëfft, wat d'Adoptionsrecht betrëfft, wat d'Mietrecht, d'Ierfrecht oder och ganz banal Saache wéi nëmmen d'Besuchsrecht an der Klinik ubelaangt. X

Mä natirlech wir eiser Meinung no eng individuell Unerkennung an Ofsécherung vun alle Persounen, onofhängeg vun hire Relatiounen oder Liewensformen, déi absolut sënnvollste Léisung vum Problem.

De gréissten Deel vun den homosexuelle Koppele wënsche sech d'Méiglechkeet vum Bestietnis. Dat soen eng ganz Rei vun Zuelen. Mir hun zum Beispill Zuelen aus den USA, wou d'Majoritéit vun den homosexuelle Koppele sech gär géife bestueden.

An Däitschland gët geschat, dass 50% vun de Lesben a Schwulen eng fest Relatioun hun, an dass 1/3 vun hinnen zesumme wunnen.

An Holland maachen homosexuell Koppelen 8,5% vun de Ménagé vun nët bestuetene Leit aus.

Doniewent geet och d'gesellschaftlech Akzeptanz géint-iwwer vun homosexuelle Koppele lues awer sécher an d'Luucht.

An Holland läit zum Beispill de Prozentsaz vun de Leit, déi homosexuell Koppelen, déi zesumme wunnen, approuvéieren, méttlerweil scho bei 68%.

Homosexualitéit gët allgemeng nët méi als eng Anormalitéit ageschat, mä als eng aner Form vun Normalitéit. Souguer innerhalb vun der Klirch gët et méttlerweil eng Bewegung, déi sech fir d'Unerkennung vun homosexuelle Leit a fir d'Unerkennung vun homosexuelle Koppelen asetzt, an et as och vläicht dowéinst, wou sech op verschidde Plazen, zum Beispill am Lëtzebuerger Wort, mat enger extremer Heftegkeet géint eis Propositionen gewiert gët, eng Heftegkeet, déi ménges Wëssens fir d'lescht do wor zu Zäite vun der Friddensbewegung.

D'Konsequenz vun dësem gesellschaftleche Wandel as, dass och um Niveau vun de Gesetzter versicht gët eppes ze maachen. An ëmmer méi Länner gët driwwer nogeduecht, fir registréiert Partnerschaften ze schafen an et gin och scho Länner wou dat méttlerweil d'Praxis as, zum Beispill Schweden, Dänemark an Norwegen.

Et gët awer och schon ee Land wou d'Parlament de leschte Mee d'Regierung opgefuerdert huet, de Mariage opzemaachen. Dat as Holland gewiescht, also e Land, dat guer nët esou wäit vun eis ewech as. An Holland hun d'Leit

am Parlament e Vote geholl, wou se d'Regierung dozou opfuerderen. Si hun och d'Regierung dozou opgefuerdert, homosexuelle Koppelen d'Recht op Adoptioun ze gin.

Mir stin also mat eiser Gesetzesproposition duerchhaus nët aleng do, mä mir leien an engem Trend, deen allgemeng an Europa an och an Nordamerika feststellen as, en Trend, deen sech och am Europaparlament gewisen huet, dat 1994 eng Resolutioun festgehalten huet iwwer d'Gläichbehandlung vun homosexuelle Leit mat heterosexuelle Leit, an eng Konsequenz vun dëser Resolutioun as e Rapport iwwer d'Auswierkunge vum Bannemaart op d'Situatioun vu Schwulen a Lesben. Eng aner as déi, dass d'EU-Kommissioun opgefuerdert gouf, eng Emfegung auszeschaffe fir d'Ophiewung vun alle rechtlechen Diskriminéierungen, déi et an den eenzelnen EU-Memberstaaten nach gin. Leider schéngt d'EU-Kommissioun hir Hausaufgabe bis elo an deem Rayon nach nët gemaacht ze hun.

Dat as eiser Meinung no kee Grond fir Lëtzebuerg, fir näischt ze maachen. Dës Resolutioun vum Europaparlament enthält eng ganz Rei vu Punkten, wou d'Memberstaaten opgefuerdert gin, hir Gesetzgebunge par rapport zu Diskriminéierungen ze iwwerkucken a gegebenenfalls ze iwwerschaafen.

Ech hat dem Här Justizminister eng parlamentaresch Fro zu där Thematik gestallt. Leider hun ech do eng ganz speziell, fir nët ze soë paradox Äntwert kritt. Hien huet engersäits gemengt, zu Lëtzebuerg géifen et keng Diskriminéierung par rapport zu homosexuelle Leit gin, anersäits huet en awer direkt dobei gesat, datt et eng Öffnung zum Bestietnis zu Lëtzebuerg nët géif gin. Ech froe mech, wat dat anescht soll si wéi eng Diskriminéierung, wann et nët méiglech as fir homosexuell Koppelen, fir sech ze bestueden.

Ech hoffen, dass d'Parteien, déi hei am Parlament vertruede sin, e bësse méi fortschrëttlech si wéi eise Justizminister. Ech hun d'fir och eng Motioun preparéiert, déi d'Emsetzung vun der Resolutioun vum EU-Parlament zu Lëtzebuerg fuerdert.

#### Motion 1

#### La Chambre des Députés,

*considérant la résolution du Parlement européen du 8 février 1994 ayant trait à l'égalité des droits des personnes homosexuelles, qui invite notamment les Etats membres à abolir dans leurs législations les lois discriminant les personnes homosexuelles,*

#### *invite le Gouvernement*

*- à lui soumettre dans les meilleurs délais un rapport sur la situation juridique, économique et sociale des personnes homosexuelles vivant à Luxembourg;*

*- à lui présenter dans ce contexte un catalogue des mesures projetées afin de supprimer les discriminations existantes.*

*(s.) Renée Wagener, François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Jean Huss.*

Ech hoffen awer och, dass e positiven Echo wäerd hei ze fanne si par rapport zu ménger Gesetzesproposition. Ech rechnen do besonnesch mat der CSV, déi nach am Walprogramm 1994 geschriwwen huet: "Die Familie gestaltet ihr Zusammenleben in freier und eigener Verantwortung. Die CSV wird den verschiedenen Formen des familiären

Zusammenlebens Rechnung tragen. Alle Familien haben Anspruch auf Anerkennung und Schutz".

Ech wëll och drop opmierksam maachen, dass den Här Juncker an enger Pressekonferenz, déi virun de Wälen 1994 stattfand huet, sech dofir ausgeschwat huet, dass eng gesetzlech Regelung vun den nët eheleche Liewensgemeinschaften sech géif opdrängen an dass d'CSV sech dorëms géif këmmen. Ech fannen et ganz wichteg, d'CSV an och den Här Juncker un des Saach ze erënneren.

Zum Text vun der Proposition de loi selwer as relativ wéindeg ze soen. Et wor ganz einfach fir deen ze änneren. Ausser dass op dene Plazen, wou et néideg wor, prezisiéiert gouf, dass déi Persounen, déi de Mariage kontraktéieren, vum selwechten oder vun ënnerschiddlechem Sex kënnen sin, hu mer eigentlech nët vill brauchen ze änneren, ausser am Artikel 3. Hei konnte mer des grammatikalesch Ännerungen nët maachen, ouni och nach eng inhaltlech Ännerung virzehuelen, déi sech opdrängt, nämlech den ënnerschiddleche Mindestalter fir Fraen a Männer beim Bestueden. Mir hun deen elo fir déi zwee Geschlechter op 16 Jor festgeluegt.

An den Artikelen 4 a 5 ergi sech aus der Öffnung vum Mariage och nach Ajouten, fir déi Fäll ze prezisiéieren, wou de Mariage verbueden as, nämlech bei familiäre Lienë vun engem bestëmmte Grad.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wënsche mer dass deen Débat, dee mer elo wärten heibannen hun, esou sachlech wäerd gefouert gin, wéi en och am Fréijor an der Press stattfand huet, wéi ech den Dépôt vun dëser Proposition de loi gemaacht hun. Mat enger Ausnam natierlech as an der Press op eng flott a sachlech Aart a Weis déi Proposition de loi virgestallt gin.

Ech wënsche mer och, dass mer déi Ennerstëtzung hei fannen, déi bei allen demokratesch gesënnte Mënsche misst selbstverständlech si par rapport zu dëser Proposition, an ech wënsche mer, dass de Staatsrot där Proposition déi Wichtigkeet bäimiesst, déi se an eisen Aen huet an eis esou schnell wéi méiglech wäerd mat engem Avis honoréieren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als éischte Riedner as den Här Lucien Weiler agedroen. Den Här Weiler huet d'Wuert.

*Discussion* X

**M. Lucien Weiler (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Eis Partei huet zesumme mat eiser Fraktioun e Grupp agesat, fir all déi Problemer ze analyséieren, déi sech am Zesummenhang mat der Proposition de loi vun der Mme Err iwwer d'Union libre an och mat der Proposition de loi vun der Mme Wagener iwwer d'Reform vum Mariage stellen. Deen huet séng Konklusiounen nach nët gezun, mä ech kann Iech awer des à présent soen, dass eis Fraktioun mat Sécherheet nët op dee Wee goë wäerd, deen an der Proposition de loi Wagener virgezechent as.

Mir verkennen nët, dass et an eiser Gesellschaft ëmmer méi Leit gin, déi déi traditionell Formule vum Mariage nët méi wielen, déi aner Forme vun Zesummeliewe wielen an doraus ergi sech selbstverständlech e ganze Koup vu Problemer, och vun Ongerechtegketen, sief dat um sozialpolitesche Plang, sief et um zivilrechtleche Plang.

Mä fir eis as a bleift d'Bestietnis eng Institutioun, déi dem Zesummeliewe vu Mann a Fra virbehalen as, eng Institutioun, déi historiesch gewuess as, déi geprägt gouf duerch reliéis, philosophesch an och politesch Considératiounen, déi och bei de Redaktere vum Code civil

nach ëmmer considéiert gin as als eng Communautéit, als eng Gemeinschaft vu Mann a Fra, déi sech zesummend in en vue vun der Procréation, der Grënnung vun enger Famill, a fir e gemeinsaamt Liewen zesummen ze hun.

Fir eis kann an dierf nët un dëser Institutioun gerüttelt an dénaturéiert gin. Dat wëllt awer nët heeschen, dass mir d'Aen zoumaache virun de Realitéite vun eiser Gesellschaft. Sou dass mer feststellen, wann een d'Chiffere kuckt, dass an der Europäescher Gemeinschaft d'Zuel vun dene Leit, déi nët méi déi traditionell Formule vum Mariage wielen, zohëlt, an dass dat ganz sécher Problemer schaaft an och Inégalitëten an der Gesellschaft, an där mer nun emol liewen.

De Gesetzgeber as do fir Reglementatiounen ze maachen, déi fir d'Leit alleguer zoutreffen, an deementspriedend menge mer, dass mer sollen tolerant sin. Jidderee wielt déi Form vu Gemeinschaft, wéi hie mengt, dass dat fir hie richtig wär.

Mir müssen effektiv eng Rei vu Froen attackéieren, déi sech am Zesummenhang mat denen nët eheleche Gemeinschaften stellen. Ech hun d'Sozialpolitik genannt an d'Pensiounswiesen; ech hun d'Zivilrecht genannt; ech hun den Alldag genannt. Bei zwee Leit, déi zesumme liewen, ob zwee Männer, zwou Fraen oder och Mann a Fra, déi nët bestuet sin, stelle sech allméiglech Problemer a mir sin effektiv der Meinung, dass et hei ganz sécher Ongerechtegketen gin. Op där enger Säit déi Leit, déi bestuet sin, denen doduerch e ganze Koup Rechter entstinn, an déi aner, déi eben an nët eheleche Gemeinschaften liewen, déi nët kënnen profitéieren vun enger ganzer Rei vu Mesüeren, an dofir si mir gär bereet iwwer déi Froen ze diskutéieren a Léisungen ze sichen, esou wäit wéi dat méiglech as.

Wann de Staatsminister an eise Walprogramm vun enger gesetzlecher Regelung vun den nët eheleche Gemeinschaften geschwat huet, dann as et dat wat ech hei viséieren. Mir si gär bereet déi dote Froen unzegoen, mä nach eng Kéier, wat de Prinzip selwer vun dem Mariage ubelaangt, menge mer, dass een des Institutioun, déi hir Geschicht huet, déi hir Vergaangenheet huet, déi historiesch gewuess as, nët soll dénaturéiere goen. Et soll ee fir d'Union libre, esou wéi d'Mme Err dat an hirer Proposition gemaacht huet, en anere Kader fannen, fir déi heite Froen ze léisen an dann an deem Zesummenhang och déi praktesch Froen, déi sech um zivilrechtleche Plang, um sozialpolitesche Plang an op anere Pläng fir déi Leit stellen, versichen, ze regléieren.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin as d'Mme Anne Brasseur agedroen. D'Mme Brasseur huet d'Wuert. X

**Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Déi Proposition de loi vun der Mme Wagener reit sech an eng gesellschaftspolitesch Diskussioun an, déi mer musse féieren, well d'Sociétéit eng Evolutioun matgemaacht huet, eng Evolutioun, déi nach laang nët ofgeschloss as.

Et kann een zwar mat Freed feststellen, dass duerch déi Evolutioun vis-à-vis vu verschidde Liewensformen d'Hypokrisie an eiser Gesellschaft lues a lues ofgeholl huet, wat ech wierklech begrëissen, well ech ka mer nët virstellen, dass mer viru Joren hei an aller Sérénitéit iwwer esou e Sujet wéi de Mariage vun homosexuelle Koppelen hätte kënnen diskutéieren. Dat wir bestëmmt an engem aneren Esprit

ugaange gin an do wire Combats d'arrière-garde geféiert gin, wat Gott sei Dank haut awer nët méi de Fall as.

Wat déi Homosexuell ugeet, mat Ausnam vum Zesummeliewen, vu dass d'Hypokrisie ofgehol huet, huet och d'Diskriminatioun vis-à-vis vun hinnen ofgehol, wat och e Phenomeen as, deem ze begreissen as.

En anere Phenomeen, dee mer konstatéieren, as, dass d'Unions libres zougeholl hun. Bei heterosexuelle Partner as et e Choix délibéré, well déi hun d'Méiglechkeet e Mariage ze kontraktéieren, an déi Ursaach, fir wat se op de Mariage verzichten, as hir egen Ursaach, egal op wellechem Gebitt se läit, wougéint bei homosexuelle Partner dee Choix sech nët maache kann, well déi hun am Moment keng aner Méiglechkeet, wéi sech an enger Union libre zesammenzedin, well et eng aner Form eben nët gët. Esou dass ee kënnt soen, dass et hei zu enger Diskriminatioun vis-à-vis vun homosexuelle Partner, déi sech wëllen zesummendin, kënnt.

Wann een da vun Zesummeliewe schwätzt, da muss een och iwwer de Mariage schwätzen als Institutioun, an ech muss soen, am Exposé des motifs vun der Proposition de loi steet zwar knapp, mä relativ gutt duerbruecht, wéi d'Evolutioun vum Mariage as, an et kann een nët soen, wéi mäi Virriedner dat gemaacht huet, de Mariage wir historesch gewuess an dat wir eng Institutioun, déi een nët kënnt dénaturéieren. De Mariage as haut nët méi dat, wat e fréier wor. Ech wëll nët vun deem reliéisen Aspekt schwätzen, well dee gehéiert nët op d'Châmbretribün. Dat as nët d'Aarbecht an d'Aufgab vum Législateur. Ech wëll vum Mariage schwätzen, esou wéi en am Code civil steet. Fréier wor de Mariage avant tout d'Sécurité, mat allen Nodeler, déi dat hat a mat allen Nodeler fir deen ee Partner, well do wor bis virun 1972 bei eis am Code civil jo d'Predominanz vum Mann, an dat huet gefouss op enger Traditioun, dass effektiv d'Fra sollt duerch de Mariage ofgeséichert gin, mä doduerch eng enorm Dependenz vum Mann hat.

Déi Formen hun zum Gléck geännert a fir déi Sécurité en cas de séparation awer irgendwéi opzefänken, hu mer dun am Laf vun de 70er an 80er Jore ganz vill misse légiféréieren.

Haut as d'Fro, ob d'Zesummeliewe vun zwéi Partner nët och muss ofgeséichert gin, an et geet hei nët ëm déi affektiv Ofsécherung, well déi kann de Législateur nët maachen, mä ëm déi materiell Ofsécherung, an do geet et besonnesch ëm de Patrimoine vum Stot, ëm den Droit fiscal, ëm den Droit de succession, ëm den Droit de pension asw., woubäi ech wëll eng Klammer opmaachen, dass den Droit de pension en cas de divorce am Moment am Mariage och nach nët déi lescht Léisung fond huet.

Froen, déi een och an dësem Zesammenhang muss stellen, sin, wéi et mat der Adoptioun as. Wann ech d'Mme Wagener elo grad héieren hun an hiren Ausféierungen, découleiere vun dëser Proposition de loi all Rechter, mä och all Flichten, well e Mariage huet jo nët nëmme Rechter, mä en huet och Flichten. Mä wann et all Rechter sin, dass dann e Couple homosexuel den Droit d'adoption vu Kanner huet, dat as eng Diskussioun, där ee sech effektiv och muss stellen. Et gi jo awer Beispiller, wou am Moment en union libre, well deen ee Partner aus engem Mariage Kanner matbruecht huet, déi da vum gläichgeschlechtliche Partner no der Opléisung vum Mariage mat groussgezillt gin, an do gin et Beispiller, dass dat gutt ka funktionnéieren, an ech froë

mech och, fir wat dass dat nët kënnt funktionnéieren. Mä dat sin alles Froen, déi sech stellen.

Op jidde Fall as d'Diskussioun lancéiert gin duerch d'Proposition de loi vun der Mme Err an elo duerch d'Proposition de loi vun der Mme Wagener, déi e Schrëtt méi wäit geet, eng Diskussioun, där sech d'DP wierklech nët wëllt verschléissen. Ech froë mech awer, ob et nët besser wir, mir géingen hei an Etappe virgoen, wéi zum Beispill mat engem Contrat de vie commune, dee fir homosexuell an heterosexuell Koppelen eng Zwëschenetapp as, ier mer op déi hei Form géinge goen.

Ech géing mer op jidder Fall wënschen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass dës Proposition de loi géing vum Conseil d'Etat aviséiert gin, an dass mer an der zoustänneger Kommissioun kënnten driwwer schwätzen, well dësen Débat - et si jo nëmme 10 Minutte pro Groupe politique virgesinn - as ze kuurz, fir an esou eng fundamental gesellschaftspolitesch Reflexioun eranzegoen. Et wiren och nach eng Parti Saachen zum Text ze soen, mä hei geet et jo ëm d'Essenz dervun.

Ech géing mer wënschen, dass mer an der Commission juridique doriwwer kënnten eng Diskussioun hun, an dass déi Proposition de loi nët dat selwecht Schicksal erleit wéi déi meescht vun der Opposition, dat heescht, datt se no der Prësentioun op der Châmbretribün dann ni méi zur Sprooch kommen. Dat wir schued, well mir brauchen deen Débat. Mir kënnen d'Aën nët verschléisse vis-à-vis vun der gesellschaftspolitescher Evolutioun, an där mir ons befinnen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Als nächst Riednerin as d'Madame Lydia Mutsch agedroen.

Madame Mutsch, Dir hut d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Déi Problematik, iwwer déi mir hei debatéieren, as nët nei, a Lëtzebuerg as weder dat éischt nach dat eenzegt Land, dat sech am Moment d'Fro stellt, ob a wéi ee kéint den homosexuelle Koppelen déi nämlecht Rechter zouerkenne wéi dene classesche Koppelen tëschent Mann a Fra.

Op dësem Plang besteet tatsächlech eng Ongerechtegkeet, eng Diskriminéierung vun engem guer nët esou kleng Grupp vun eise Matbiirger. Wann een d'Prozentsätz, déi am europäeschen Ausland virleien iwwer d'Zuel vun Homosexuellen, op eist Land ëmrechen, da kënnt een op ongeféier 10.000 Lëtzeburger, déi hei betraff sin. 10.000 Menschen, dat sin der nët weineg! Dat sin 10.000 Matbiirger, dene mir fir de Moment nët déi selwecht Méiglechketen zougesti wéi dene Koppelen, déi mir - normal - nennen, well mir gewinnt sin, dass Mann a Fra zesummeliewen.

Et muss een emol nët bis an Amerika kucke goen, fir ze gesinn, dass eppes an der Saach bougéiert. A ville Memberstate vun der Europäescher Unioun si scho Mesüeren ergraff gin, fir den homosexuelle Koppelen entgéintzekommen, an déi sin och schon hei ugedeit gin.

Déi dräi skandinavesch Staten - Schweden, Dänemark an Norwegen - hun et erméiglecht, eng Partnerschaft registréieren ze loossen, déi am Fong geholl déi nämlecht Rechter an Avantagë mat sech bréngt wéi de Mariage, mat zwou Ausnamen: d'Adoptiounsrecht an d'Recht op eng kirchlech Trauung. Tëschen den dräi State gët déi registréiert Partnerschaft op der Basis vum internationale Recht

unerkannt. Finnland huet wëlles, an noër Zukunft an déi nämlech Richtung matzegoen.

An Holland as d'Regierung vun där zweeter Kummer vum Parlament beoptraagt gin, e Gesetz auszuschaffen, dat de Mariage fir homosexuell Koppelen géing opmaachen. An Däitschland as d'Bundesverfassungsgericht amgaangen ze prüfen, ob d'Benodelegung vun den homosexuelle Koppelen net géint hiert Grundgesetz verstéisst.

Och an der Belsch, a Frankräich, a Spuenien, a Portugal an an Irland goufe Gesetzesännerungen an déi Richtung ugekënnegt.

Mir géingen eis also, wa mir an dëser Matière legiferéieren, absolut net isoléieren, mä par contre an eng Richtung afügen, déi sech op europäeschem Niveau ëmmer méi ofzeechent, a mat där mär - och wa mär näischt maachen - frëier oder spéider souwisou konfrontéiert gin, spéitstens dann zum Beispill, wann an Holland de Mariage op wir an och Lëtzebuerger sech géingen an Holland wëlle bestuede goen. Da misst ee sech nämlech als Lëtzebuerger d'Fro stellen, ob mär déi Partnerschaft géife bei eis unerkennen.

Firwat also net direkt eng gesetzlech Basis schafen?

Här President. Als Sozialiste kënnen mir eis mat der Iddi averstanen erklären, denen homosexuelle Koppelen dës Rechter zouzegestoen, jhust iwwer de Wee kann een debattéieren.

Et offréiert sech prinzipiell de Choix tëschent zwou Optiounen. Déi eng as déi, déi an der Proposition de loi vun der Madame Lydie Err virgesinn as - nämlech d'Registrierung vun der Partnerschaft. An deem Zesammenhang muss ee sech dee Moment jhust iwwer d'Envergure vun de Rechter, déi mat enger sougenannter Union civile verbundene sinn, eens gin. Déi aner Optioun as déi, déi d'Madame Wagener haut proposéiert, nämlech de Mariage einfach méi breet opzemaachen.

Här President. Eis Fraktioun sprécht sech net direkt fir dës zweet Optioun aus, obscho mer eis mat der Philosophie, déi derhanner stécht, kënnen averstanen erklären. D'Madame Wagener seet selwer an hirem Exposé des motifs, dass de Mariage als en zivile Kontrakt ze betruechten as, deem tëschent zwee Erwuessenen ofgeschloss gët, mat dem But, hiert Zesummeliwwen ze regelen.

An do mengen ech, dass der Madame Wagener hir Philosophie an der Madame Err hir guer net esou wäit auserneeelen.

Allerdéngs schéngt mer eng registréiert Partnerschaft als Moyen méi valabel ze sinn.

Et kënnt een deemno, fir komplett ze sinn, déi zwou Proposen zesammenhuelen a soen: Wann eng Partnerschaft zwëschen zwee Erwuessenen iwwer den administrativen an notarielle Wee registréiert gët, dann huet déi betreffend Koppel praktesch déi Rechter kritt, déi der Madame Wagener hir Propos beinhalt. Dat schéngt mer aus zwee Grënn logesch:

- Éischtens géing een domadder eng Ouverture maache fir all déi Koppelen - an ech denken dobäi och un déi klassesch Koppelen vu Mann a Fra - déi mat der Institutioun Mariage hautdesdaags net méi vill kënnen ufänken.

- Zweetens fanne mär, dass eng registréiert Partnerschaft der Zäit, an där mir liewen, méi ugepasst wir.

Wann ee bedenkt, dass laut STATEC 1995 op 2.352 Bestietnisser 700 Schedunge kommen, dass also ronn 30% vun alle Koppelen gescheet gin, da schéngt et mir evident,

dass ee muss eng Léisung fannen, déi net esou rigid as wéi beim klassesch Mariage, bei där eng Schedung vill kascht a vill Leed mat sech bréngt. Ech sin iwwerzeegt, dass vill homosexuell Koppelen sech net wëllte bestueden, mä sech éischer fir esou eng registréiert Partnerschaft géingen décidéieren.

Een Awand, deem hei bestëmmt och nach wäerd kommen, as deem, dass de Mariage haaptsächlech och mam Wonsch vum Kannerkréie verbundene as, an dass dofir de Mariage oder eng aner agedroën Union civile fir homosexuell Koppelen eng manner gutt Méiglechkeet diirft sinn. Ech wëll deem Awand awer direkt hei entkräften. Et gin nämlech haut scho ganz vill Mariagen, déi gewollt oder net gewollt keng Kanner hun, an zwar iwwer 30.000 vun iwwer 86.000 Koppelen, déi mär hei am Land hun. Dat as bal een Drëttel vun alle Bestietnisser. Par contre gi ganz vill Kanner hautdesdaags an net bestuete Partnerschaften grouss. Et gët hei am Land ausserdeem - an och dës Donnée komme vum STATEC - 2.299 alengerzéiend Pappen an 9.198 alengerzéiend Mammen. Déi klassesch Approche as also guer net onbedingt déi zäitgeméis a realistesch Approche.

Als sozialistesch Fraktioun plaidéiere mir also derfir, alle Koppelen bei eis am Land eng Méiglechkeet ze gin, fir hir Partnerschaft gesellschaftlech a mat alle verbundene Rechter unerkennen ze loossen. An eisen Aë schéngt dat déi fairst Léisung ze sinn.

Et wär an eisen Aë gutt, wa mär an der Familekommissioun respektiv an der juristescher Kommissioun vun der Chamber eis mat dësem Thema an den nächste Woche kënnte méi am Detail ausernanersetzen. Dat wär ménger Meinung no déi bescht Formule, fir eng Fro, déi eiser Zäit ugepasst as, an der Zukunft no eiser Zefriddenheet an no der Zefriddenheet vun all dene betrafene Mënschen ze léisen.

Ech soen lech merci fir Är Opmiirksamkeet.

**M. le Président.** Als nächst Riednerin as d'Madame Renée Wagener agedroen.

Madame Wagener, Dir hut d'Wuert. X

**Mme Renée Wagener (DÉI GRËNG), auteur.** Här President, ech maachen et ganz kuurz, nodeem och net esouvill Riedner a Riednerinne geschwat hun. Ech hun den Androck, dass eng Fraktioun sech hei net wëllt zum Thema äusseren. Et sief dann!

Ech wëllt jhust ganz kuurz op déi Äusserunge vum Här Weiler agoen, an duerno op déi vun der Madame Mutsch.

Den Här Weiler huet elo fir d'CSV gemengt, dass de Mariage misst eng Gemeinschaft vu Mann a Fra bleiwen, well en och d'Zil hätt vun der Prokreation. Do muss ech awer wirklich widdersprieche. D'Madame Brasseur huet et virdru schon ugedéit, dass de Mariage, sou wéi en am Code civil virgesinn as, eigentlech guer net explizit as, an datt en et an der Praxis och ëmmer manner as, huet d'Madame Mutsch elo grad gesot.

Et as ganz klor esou, dass de Mariage e Kontrakt as, deem net nëmmen op déi Ziler ausgerichtet as, déi den Här Weiler virdru genannt huet, mä och ganz klor op d'Zil vun der ekonomescher Ofsécherung.

Tatsaach as, dass op där enger Säit ëmmer manner Leit bei denen Heterosexuellen déi ekonomesch Ofsécherung sichen. Tatsaach as awer och op där aner Säit, dass et homosexuell Koppelen gët, déi vun dëse Rechter net kënnen Gebrauch maachen. An deem Sënn as et ganz klor eng prin-

ziptell Fro an eng Fro iwwer Demokratie, ob een alle Leit dës Rechter zougesteet oder nët.

Den Här Weiler huet gemengt, et misst een tolerant sin, a jidfreee kënn déi Form wielen, wéi e wëilt zesummeliewen. Tatsaach as effektiv an deem heite Fall, datt déi homosexuell Leit nët kënnen wielen, datt se dee Choix nët hun. An dorëm geet et jo grad.

Ech mengen och nët, datt ee kann dermat averstane sin, datt et eng Denaturéierung vun der Institutioun vum Mariage wär, wann een de Mariage géng opmaache fir homosexuell Leit. Hei si mer erëm eng Kéier an engem Langage, deen ech perséinlech ganz geféierlech fannen, wann et ëm d'Natur an ëm d'Naturgesetz geet, fir de Mariage oder aner Institutiounen ze legitiméieren.

Nach jhust e puer Wuert par rapport zu der Vertriederin vun der LSAP, déi gemengt huet, d'LSAP géng sech nët elo direkt fir d'Öffnung vum Mariage ausschwätzen. Ech bedauern dat e bësschen, well ech mer erwaart hätt, datt dat fir d'LSAP eigentlech keng Schwiegkeet diirft sin, d'autant plus, wou ech déi Proposition de loi als Complément gesinn hu vun där vun der Madame Err.

Et as nämlech nët ganz richtig, wat elo hei gesot gin as, datt d'Proposition vun der Madame Err, sou wéi se bis elo virläit, eigentlech déi Problemer all géif léisen. Déi Proposition as ganz zaghaft an engem gewësse Sënn. Si beinhalt nämlech nët d'Ouverture vun dene Rechter, wéi zum Beispill d'Adoptionsrecht oder d'Steierrecht an déi aner Rechter, déi dermat zesummenhänken. An deem Sënn wär se, am Moment wéinstens, nët onbedingt eng grouss Hëllef fir déi homosexuell Koppelen, déi sech da géifen als Partner androë loossen.

An deem Sënn wär et eigentlech, wann déi Proposition an där Form géif bestoë bleiwen, nach méi dréngend, datt déi heite Proposition och géif akzeptéiert gin.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** - Leschten Diskussiounsriedner as den Här Jacques-Yves Henckes.

Här Henckes, Dir hut d'Wuert. X

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den ADR huet scho bei där leschter Debatt iwwer d'Proposition de loi vun der Madame Lydie Err séng Stellungnam bekannt gemaacht. Mir hu festgestallt, datt de « libre choix » iwwer déi Aart a Weis, wéi Mann a Fra sech organiséiere wëllen, am Bestietnis oder nët am Bestietnis, bei classesche Koppelen tëschent Mann a Fra geregelt as an onsem Code civil, mä dee Choix gët ganz staark beeinträchtigt duerch d'Fiskalitéit. Wa virun 1991 d'Union libre steierlech favoriséiert gin as, da wor et no 1991 de Contraire. Dat huet dann zu deem gefouert, wat haut ënner « Juncker-Koppelen » an d'Geschicht agaangen as.

Wat nët geregelt as, dat sin déi gläichgeschlechtlech, déi homosexuell Koppelen. Mir sin der Meinung, datt mer do missten eng Regelung fannen, fir déi ekonomesch a sozial Problemer vun dene Leit ofzesécheren. Ablécklech besteet nuren eng eenzeg Méiglechkeet fir si, fir deen ekonomeschen Deel ofzesécheren: dat as e Vertrag mat enger « clause de tontine », déi wichteg as, notament wann een zesummen en Haus keeft. Sozial, mengen ech, besteet keng Gesetzgebung do, fir si ofzesécheren. Obwuel ech héieren a gelies hun, datt d'Regierung awer wëlles huet, e Projet anze-

bréngen, fir do Ofännerungen ze maachen, as bis elo nach kee Projet deponéiert gin.

Wat d'Proposition de loi vun der Madame Wagener ugeet, sou menge mer, datt se verfréit as. Mir mengen, datt mer au contraire, wa mer scho wëllen eng Reglementéierung fannen, op e Wee solle goen, sou wéi d'Madame Lydie Err en tracéiert huet, a wou mer kënnen unhuelen, datt en och bei dene concernéierte Leit op méi Léift stéisst wéi dee Projet vun der Madame Wagener, dee vill méi Contraintë mat sech bréngt.

**M. le Président.** - Wëllt d'Regierung nach d'Wuert huelen, well et as eng Motioun abruecht gin? X

**M. Marc Fischbach, Ministre de la Justice.** - Här President. Wann Der d'Motioun usprieht, dann hält d'Regierung gäre Stellung zu der Motioun. Ech géif elo an engem éischten Usaz nët wëllen d'Proposition de loi vun der Madame Wagener bewäerten. Si gët esou gepréift wéi aner Propositions de loi. Mir wäerten nach Geleënheet kréien, fir op de Virschlag vun der Madame Wagener zrëckzekommen.

Ech soen hei jhust, dass déi Motioun, sou wéi se virläit, fir d'Regierung nët akzeptabel as. Et as néierens erweisen - ech géif éischter soen, et as de Géigendeel -, fir elo ze behaapten, dass déi Homosexuell an dësem Land an alle Beräicher diskriminéiert sin, a rechtlechen, wirtschaftlechen a soziale Beräicher, par rapport zu denen aneren. Ech mengen, dat as eng Behauptung, déi een einfach esou opstelle kann, déi een awer ni beweise kann.

Wann ee vun der Regierung verlaangt, fir e Rapport ze erstellen iwwer déi rechtlech, ekonomesch a sozial Situatioun vun den Homosexuellen, da kann een och vun der Regierung froen, e Rapport ze erstellen iwwer déi rechtlech, ekonomesch a sozial Situatioun vun de geschetene Leit an dësem Land. Da kann een och e Rapport froen iwwer déi rechtlech, ekonomesch a sozial Situatioun vun denen nët bestuetene Leit an dësem Land. Ech mengen, dat bréngt ons eigentlech nët wäit, Här President. Dofir mengen ech, et soll ee vun esou engem Schrëtt ofgesinn an et soll ee sech iwwerleën, wéi wäit ee kann Homosexueller och Rechter zougestoen, déi ähnlech gelagert, ausgeriicht an orientéiert si wéi d'Rechter vun de bestuetene Leit.

Ech mengen, dat as den Objet vun där Proposition de loi, déi d'Madame Wagener abruecht huet, an déi wëlle mer och eschthaft préifen, mä déi Motioun, wéi se hei virläit, as fir d'Regierung esou nët akzeptabel.

**M. le Président.** - D'Wuert huet d'Madame Renée Wagener. X

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.** - Här President, ech wëilt awer dann eng Prezisioun heizou gin. Déi Motioun hun ech nët einfach esou gemaacht, mä do steet am Considérant ganz klor dran, dass et eng Opfuerderung vum Europaparlament un déi eenzel Memberstate gët, fir genau dat ze maachen, nämlech an hire Legislatiounen Diskriminéierungen ofzeschaffen, déi et kéint gi par rapport zu homosexuelle Persounen, an ech mengen, dat kann een nëmme maachen wann ee fir d'alleréisch emol préift, ob et där gët. Et as duerchaus méiglech, dass et der nët oder nët ganz vill gët ausser der Tatsaach, dass de Mariage nët zougängelech as fir homosexuell Leit. Mä dat muss een awer vläicht fir d'éischt emol eng Kéier kucken. An an deem Sënn verstin ech d'Logik vun der Regierung nët. Ech hu gemengt, dass et géif Sënn maachen, wann een emol eng Kéier d'Situatioun zu Lëtzebuerg géif analyséieren a se da vläicht och nët nëmmen op déi legislativ Situatioun géif

reduzéieren, mä och op déi sozial an ekonomesch vun dëse Leit, an dass dës Bevölkerungsgrupp duerchaus grouss genuch as, fir dass ee sech déi Mëi kënnt maachen, fir iwwert hir Situatioun sech ze instruéieren an och nozedenken, an dass een da gegebenenfalls, wann dat sech als noutwendeg erausstellt, géif Mesüre plangen, déi kéinten derzou dëngen, fir dës Diskriminéierungen opzehiewen.

Also, ménger Meinung no schéngt dat eng ganz logesch Approche ze sin, an ech kann net verstoen, dass d'Regierung déi net deelt.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet den Här Asselborn.

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Här President. Ech wëll vläicht zur Prozedur eppes soen, ouni mech awer elo hei ze versteifen op dat, wat am Règlement steet, mä mir sin hei jo bei der Virstellung vun enger Proposition de loi. Mir stellen déi zur Diskussioun hei an zu gläicher Zäit hu mer op jidde Fall bis elo nach ni eng Motioun kënnen abréngen. Esou dass ech géing mengen, dass een dat heite soll an déi zustänneg Kommissioun gin, an d'Commission juridique oder d'Commission de la Famille, fir iwwer dee ganze Komplex ze diskutéieren an och d'Opportunitéit vun esou enger Démarche zur Kenntnis ze huelen.

Wann Der awer drop haalt, dass dat heiten elo soll esou hei ofgestëmmt gin, da musse mer nee soen.

**M. Henri Grethen (DP).**- D'LSAP gët ëmmer méi konservativ.

(Hilarité)

**M. le Président.**- D'Mme Wagener huet d'Wuert.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.**- Ech wëll jhust soen, dass et ménger Kenntnis no esou as, dass een zu all Moment hei kann eng Motioun déposéieren, also misst dat och an deem heite Fall méiglech sin.

**M. le Président.**- Den Här Asselborn huet eng Proposition gemaacht. Mir stëmmen duerch Handophiewen doriwwer of.

Vote

Wien d'accord as mat där Proposition vun Här Asselborn, fir d'Saach virunzegin un d'Kommissioun, as gebieden, d'Hand an d'Laucht ze hiewen.

Wien as dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Proposition vun Här Asselborn mat enger Géigestëmm uegeholl as.

Dëse Punkt as domat ofgeschloss an als nächste Punkt vun eiser Dagesuerdning hu mer d'Proposition de loi 4169 vun den Häre Mars di Bartolomeo a Lucien Lux iwwer de Camionsverkéier.

## 9. Proposition de loi 4169 de MM. Mars di Bartolomeo et Lucien Lux portant

**a) l'interdiction de circulation des véhicules de poids lourds en transit durant les week-ends**

**b) l'interdiction de dépassement pour véhicules de poids lourds**

Et hu sech bis elo ageschriwwen déi Häre Bourg, Schummer, Gibéryen a Bausch. D'Wuert huet elo ee vun den

Auteurs vun der Proposition de loi, den honorablen Här Mars di Bartolomeo.

**M. Mars di Bartolomeo (LSAP), auteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen. Et as eng Tatsaach, dass an dene leschten 10 Jor de Camionsverkéier op eise Stroossen a besonnesch op eisen Autobunnen explosiouns-aarteg zougeholl huet.

Dir wësst, wat fir eng Implikatiounen dat op d'Natur, op d'Sécherheet, op d'Kommoditéit an op d'Liewensqualitéit huet vun den Uertschaften, déi ronderëm d'Autobunnen leien.

Aus der Praxis eraus, mat där mer all Dag a virun allem op de Week-enden an eiser Egenschaft als Buergermeeschter konfrontéiert sin, hu mäi Kolleg Lucien Lux an ech selwer eis erlaabt, fir eng Proposition de loi ze maachen, déi ee vun de Voleté vum Problem kéint léisen oder usazweis kéint léisen.

De Problem kann net eleng duerch déi dote Mesür geléist gin. Et mussen eng ganz Rei vun anere Mesüeren um europäesche Plang folgen, wa mer net wëlle mat där Lawin vu Camionën, déi joran, joraus op eis niddergeet, weiderlieden. Eng vun den Haaftsolutiounen wär déi, dass déi Gidder, déi besser a méi sécher an och zum Deel méi bëlleg kéinten iwwer d'Bunn transportéiert gin, sollten iwwer d'Bunn transportéiert gin. Déi Infrastructure gët et, mä mir si leider nach wäit vun där doter Optioun ewech, an dofir geet et drëm, fir mat enger Politique des petits pas weinstens dene schlémmsten Auswuchs ze begéinen.

De Problem vun de Camionë stellt sech also all Dag, e stellt sech besonnesch awer iwwer d'Week-enden, dann nämlech wann eis franséisch Noperen unilateral décidéiert hun, fir d'Grenzen zouzemaache fir de Camionsverkéier, well se iwwer d'Week-enden a während de Feierdeg de Camionën d'Zirkulatioun iwwer hir Autobunnen wäitgehend verbidden.

Dat as verständlech aus hirer Optik, verlagert de Problem awer nëmmen op eisen Terrain, an ech sin der Meinung, mat méngem Kolleg Lucien Lux, dass een esou Schrëtt op europäeschem Plang soll koordinéieren an net unilateral soll maachen.

Mir sin nun awer emol mat där doter Situatioun konfrontéiert a fir eppes a Bewegung ze bréngen um europäesche Plang wollte mer an déi heiten Direktioun goen a soen, mangels enger europäescher Léisung suivéiere mir hei zu Lëtzebuerg dat franséisch Beispill a mir géifen op de Wee goen, fir d'Camionszirkulatioun während de Week-enden wäitgehend op eisen Autobunnen anzeschränken bzw. ze verbidden.

Dat as eng Solutioun, wou ee ka soen, dass dat de Problem erëm eng Kéier jenseits vun eise Grenzen transferéiert op d'belsch Säit, mä et kann een hoffen, dass eist Beispill dann erëm eng Kéier géing Schoul maachen an eis belsch Kollegen dat selwecht géifen decidéieren, da wär de Problem "à la source" geléist, well déi meeschte Camionën, déi komme vun deem Land, wat hannendru läit.

Elo kann een eis och soen, op där enger Säit zitt Der de Camionsverkéier un duerch bëlleg Masutpräisser an op där anerer Säit wëll Der se penaliséieren. Ech wëll zouginn, dass do eng gewëssen Dialektik dran as, mä déi léise mer net och nach gläichzäiteg.

Ech wëll och drop hiweisen dass, duerch déi Situatioun, déi ëmmer méi komplizéiert gët op eisen Autobunnen, duerch den zouhuelende Camionsverkéier an de Verkéier